InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg

# Carte blanche RTL radio 22.06.2018 – La microassurance

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

## Version luxembourgeoise

Vun alle Forme vun der Microfinanz ass sécher d'Microassurance oder d'Microversécherung déi Form déi sech am spektakulärsten an de leschte Joeren entwéckelt huet. Hei geet et drëm Awunner aus Entwécklungslänner, besonnesch Baueren an Handwierker, eng einfach Méiglechkeet unzebidden fir sech géint perséinlech Schicksalsschléi an besonnesch och géint Naturkatastrophe, wéi Stierm an iwwerméissege Reen, ofzesécheren. Et ass drëm gaangen fir ee System op d'Been ze stellen deen esou einfach wéi méiglech ass fir datt e bezuelbar bleift fir déi Leit deene soll gehollef ginn.

Ass de Versécherungskontrakt ofgeschloss, an trëtt ee Schued duerch eng Naturkatastroph an, da brauch ee fir d'Ausmooss vum Schued festzestellen, keng Inspekteren op d'Plaz ze schécken. Et geet duer fir detailléiert Satellitebiller ze huelen an och aner meteorologesch Informatioune, fir dann de Schued relatif genee anzeschätzen. D'Entschiedegung fir de Bauer oder den Handwierker kann iwwer ee mobilen Paymentssysteem direkt un déi betraffe Persoun oder séng Famill ausbezuelt ginn. Domat kann dee System mat engem Minimum vu mënschlechen Asaz fonktionnéieren, also och mat engem Minimum vu Käschten.

Fir datt esou ee Systeem am grousse Stil agesat ka ginn, brauch et eng Rei Bedingungen. Ennert hinnen mussen detailléiert genuch, brauchbar Satelittebiller a meteorologesch Informatiounen disponibel gemaach ginn. Och musse sécher Geldiwwerweisungssystemer an deene Länner funktionnéieren fir esouwuel d'Primen ze encaisséieren, wéi och fir d'Entschiedegungen auszebezuelen. Hei kënnen déi westlech Länner an déi grouss Telefons Operateuren hëllefen, fir datt déi Bedingunge geschafe ginn.

Wichteg ass et och ze suergen datt déi Systemer vu Microversécherung schnell finanziell nohalteg gemaach ginn. Dat ka geschéien doduerch datt si net fir all Käschte mussen opkommen, deen den Opbau vun esou enger Infrastruktur verlaangt. Eng Rei staatlech Organisatiounen an och privat Donateuren hunn hei ee grousse Bäitrag geleescht. Schlussendlech kënnen déi grouss Versécherungsgesellschaften nëmmen aus esou Systemer léieren a sinn och ganz aktiv Partner nieft den Operateure vum mobilen Telefonsnetzer.

Et ass de Beweis datt déi nei Technologie wiesentlech Verännerunge ka mat sech bréngen, wa se geziilt agesat gëtt an deem de globalen Impakt also de laangfristege Rendement wäit méi am Fokus steet wéi dee kuerzfristege Profit. Esou ka Millioune vu Familjen, a schwierege Situatioune an den Entwécklungslänner, ganz effektif gehollef ginn.

Lëtzebuerg huet sech am Domaine vun der Micro-Versécherung een internationalen Numm gemaach. Dee weltwäiten „Micro Insurance Network" huet säi Sëtz a seng Bureauë zu Lëtzebuerg. Dee Reseau besteet aus enger Gemeinschaft vun 300 Experten an 80 Organisatiounen aus iwwer 40 Länner an e setzt sech a fir datt Micro Versécherung weider entwéckelt gëtt firan ëmmer méi Länner an oft a ganz entleeëen Géigenden, nach méi efficace kënnen ze schaffen.

## Version française

Parmi les différents produits microfinance, la microassurance est sans nul doute celui qui s'est développé de la façon la plus spectaculaire au cours des dernières années. Son objectif consiste à offrir aux citoyens dans les pays en développement, en particulier aux petits paysans et artisans, une possibilité simple de se protéger contre les coups du sort, notamment les catastrophes naturelles telles que les tempêtes et les pluies tropicales. L'idée est de mettre en place un système aussi simple que possible afin qu'il reste financièrement abordable pour les personnes qui y ont recours.

Une fois le contrat d'assurance signé et qu'un sinistre arrive, il n'est pas nécessaire d'envoyer des inspecteurs sur place afin de constater l'envergure des dégâts entraînés. En effet, des images satellites détaillées et d'autres informations d'ordre météorologique permettent de localiser et d'évaluer les dommages de façon assez précise. L'indemnisation pour le paysan ou l'artisan peut être versée directement à la personne concernée ou à sa famille par l'intermédiaire d'un outil de paiement mobile. Ce système de microassurance peut donc fonctionner avec un minimum d'intervenants, et partant, moyennant un minimum de coûts.

Pour qu'un tel système puisse être mis en œuvre à grande échelle, un certain nombre de conditions doivent être réunies. Par exemple, un nombre suffisant d'images satellites de qualité et d'informations d'ordre météorologique doivent être rendues disponibles. Par ailleurs, des systèmes fiables de transfert d'argent doivent être opérationnels dans ces pays pour permettre l'encaissement des primes d'une part et le versement des indemnités de l'autre. Les pays occidentaux et les grands opérateurs de téléphonie peuvent contribuer à réunir les conditions nécessaires dans ce contexte.

Il est aussi important de garantir à court terme la pérennité financière de ces systèmes de microassurance. À cet effet, il convient de veiller à ce que ces systèmes ne doivent pas assumer tous les coûts que la mise en place initiale d'une telle infrastructure suppose. Une série d'organisations étatiques et de donateurs privés ont apporté des contributions remarquables dans ce contexte. En fin de compte, les grandes compagnies d'assurances ont aussi des enseignements à tirer de tels systèmes et pour cette raison sont des partenaires très actifs à côté des opérateurs de téléphonie mobile.

Cela montre bien que les nouvelles technologies peuvent entraîner des changements majeurs, lorsqu'elles sont utilisées de façon ciblée et que l'accent est mis sur l'impact global, c'est-à-dire le rendement à long terme, plutôt que les bénéfices à court terme. Voilà une façon d'apporter une aide très efficace à des millions de familles qui se trouvent dans des situations difficiles dans les pays en développement.

Le Luxembourg s'est forgé une renommée internationale dans le domaine de la microassurance. Le siège et les bureaux de la plate-forme mondiale « Microinsurance Network » sont établis au Grand-Duché. Ce réseau est constitué d'une communauté de 300 experts et 80 organisations issus de plus de 40 pays et se mobilise pour le développement de la microassurance, afin qu'elle puisse être introduite avec plus de succès encore dans un nombre croissant de pays et jusque dans les régions très reculées.

InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg